N° 7798
Entrée le 19.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7798 vum 20. Mäerz 2023 vun der Madamm Deputéiert Elisabeth Margue.**

Well d' Schoulvakanzen zu Lëtzebuerg sech mat deene vun der Lorraine vum 16. Juli 2024 bis den 2. September 2024 iwwerlageren, ass dat déi Period, wou den Impakt op d'Beruffspendler am klengsten ass.

Wärend den Aarbechten um "Pont Hammerel" wäerten all déi Persounenzich, déi normalerweis duerch d'Gare Beetebuerg fueren, duerch Busser ersat ginn. Dëst ass bei engem Chantier vu sou enger Envergure ausschliisslech an enger Schoulvakanz méiglech, well wärend der Schoulzäit vill Bussen am Schülertransport agesat sinn, an dofir net genuch Bussen a Chaufferen disponibel si fir ee funktionéierende Busersatzdéngscht ze garantéieren. D'CFL ass also op Schoulvakanzen begrenzt fir esou Chantieren duerchzeféieren.

Am Summer 2024 si nieft den Aarbechten um "Pont Hammerel" och nach aner Chantieren um lëtzebuerger Schinnereseau geplangt wou Zich duerch Bussen ersat ginn. Dës Chantiere kënne net gläichzäiteg mat deem zu Beetebuerg stattfannen, well d' Ressourcen un Ersatzbussen a Buschauffere genau wéi d'Plazverhältnisser an der Busgare zu Lëtzebuerg begrenzt sinn. Dofir huet d'Summervakanz 2024 missen an 2 Perioden opgedeelt ginn. Fir dass d'Emsteigeméiglechkeeten um Knuet Beetebuerg a Richtung Diddeleng an Esch-Uelzecht dee Moment, wou d' Summervakanz an der Lorraine eriwwer ass, rëm funktionéieren, gouf decidéiert, d'Aarbechten um "Pont Hammerel" an déi éischt Period vun der Vakanz (Mëtt Juli bis Mëtt August) ze leeën.

Aktuell kann ee vu ± 25.500 Cliente pro Dag ausgoen, déi hei wäerten impaktéiert sinn, dovunner 13.000 Richtung Frankräich (dovun ± 850 Clienten TGV).

Déi genannte Méiglechkeet ass ënnersicht ginn an ass aus de folgende Grënn leider net machbar:

Déi zwee Chantiere "Pont Hammerel" an "Aarbechten en vue vum Uschloss vun der neier Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg" iwwerlagere sech deelweis an der Gare Beetebuerg sou dass ee gläichzäitegt Schaffe net kompatibel mat Aarbechtssécherheet an -technik ass.

Dowéinst ass och entscheet gi fir de Chantier vum Neibau vum "Pont Hammerel" esou schnell ewéi méiglech ze realiséieren, fir dem uschléissenden Ëmbau vun der Beetebuerger Gare net am Wee ze stoen.

Des Weideren erméiglechen d'Plazverhältnisser op der Gare Beetebuerg et net, dat néidegt Baumaterial an déi néideg Maschinne fir déi 2 Chantiere gläichzäiteg ënnerzebréngen.

Et gëtt op de genannte Streckenofschnëtter déi duerch de Chantier impaktéiert sinn ee Schinnenersatzverkéier mat Bussen organiséiert.

Ofgeleet aus de leschten Erfarungswäerter wäert ee mat enger Reeszäitverlängerung vun ongeféier 35 Minutte rechne mussen. Natierlech gëtt awer probéiert den Impakt an den Zäitverloscht esou kleng ewéi méiglech ze halen.

Een einfachen Zuch, deen iwwer d’ Linn 70 op Thionville fiert, brauch 85 Minutte Fuerzäit. Den Ersatzbus tëscht Lëtzebuerg an Thionville wier bei ongeféier 50 Minutte Fuerzäit däitlech méi séier. Aus dësem Grond ass decidéiert ginn, dass sou eng Léisung net intressant ass, méi am Detail ze studéieren. Dass dës Spezialzich da nach eng negativ Auswierkung op de reguläre nationalen Trafic hätten, ass ee weidere Nodeel vun där Iddi.

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch